



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le **24 JUIN 2021**


**Objet : Question parlementaire n°4403 du 3 juin 2021 de Monsieur le Député Fred Keup
concernant la fermeture de commissariats de police**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous
rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannezeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4403 vum 3. Juni 2021 vum honorabelen Députéierten Fred Keup

Am Suivi vun der leschter Police-Reform vun 2018 koum et bekanntlech Mëtt Mee 2020 an der Chamber zu engem Débat de consultation, wou d'Inhalter vun där Reform als solch mat ganz grousser Majoritéit approvéiert goufen. Heizou gehéiert ënnert anerem en Zesummeleeë vu Kommissariater, wat 2018 ugefaangen huet an nach ëmmer am gaangen ass. Dëst Fonctionnement erméiglecht et der Police och an éischter ländleche Géigenden vun 7-21 Auer kënne present ze sinn an en adaptéierten an effikasse Service um Bierger ze leeschten, wat virun 2018 net sou méiglech war. Dëst ass och a lokalen a regionale Comités de prévention a Comités de concertation rezent ëmmer nees ervirgestrach a begréisst ginn. Déi Siten, wou kee Polizist an Uniform méi schafft a wou och keen Accueil vum Bierger méi stattfënnt, ginn intern säitens der Police/dem Staat zu neien Zwecker affektéiert (z.Bsp. Logementer) respektiv ginn se de Gemengen oder de Propriétaires zrëckginn, wann de Contrat de bail bis ausleeft. En detailléierten Echéancier betreffend déi Nei-Benotzung vun deenen eidele Gebaier ass ofhängeg vun deene vir zitéierte Facteuren.